

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. November 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3816 vum 10. Mäerz 2021, huet den Här Schoulminister zu der fräier Wiel vun der Ernierung an de Schoulkantinnen ënner anerem dat hei geschriwwen: *"Ech [...] wëll nach eng Kéier ënnersträichen, datt och an Zukunft kee Gaascht vun engem Schoulrestaurant gezwonge gëtt, sech mat planzlechen oder animalesche Liewensmëttel ze ernieren. D'fräi Wiel vum Plat bleift och an Zukunft bestoen"*. Wéi awer rezent souwuel an der Press, wéi och an engem offizielle Communiqué vum Schoulministère ze liese war, gëllt dës Ausso vum Minister fir verschidde Schoulkantinne mat der Aféierung vun engem sou genannte Veggie-Day lo net méi.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Schoulminister nach gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi begrënnt den Här Minister dëse kuerzfristege Richtungswiessel par Rapport zu sengem uewen zitéierte Versprieche? Gesäit hien hei d'Glawierdegkeet vun der Institutioun vun der ëffentlecher Schoul beschiedegt? Wann net, firwat net?
- 2) Vereenzelt war an der Presse ze liesen, datt den Här Minister dës Decisioun sou begrënnt, datt se engem Wonsch vun de betraffene Schüler entsprach hätt. Kann den Här Minister déi Informatioun confirméieren? Wa jo, ass dës Wëlle vun der Schülergemeinschaft duerch eng entspreichend Ofstëmmung an deene betraffene Schoulen dokumentéiert? Wa jo, kann den Här Minister d'Resultater vun deenen eenzelen Ofstëmmunge matdeelen? Wann net, firwat net? Op wéi eng alternativ Manéier goufen d'Schüler an deem Fall zu dësem Projet befrot? Wéi wäit goufen déi entspreichend Direktiounen, d'Elterevereinengungen an d'Léierpersonal an déi Decisioun mat agebonnen?
- 3) Kann den Här Minister elaboréieren, firwat dës sougenannte Veggie-Day op Méindes an net der lëtzebuergescher Traditioun entspreichend, op Freides geluecht gouf?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten